ESCH
SUR
SÛRE
SÄIT 927



# TËSCHTZWEE

**Vollekstheater am Fräien mat Musek a Gesank**

geschriwwen an inzenéiert vum **Claude Mangen**

ZU ESCHDUERF nieft der Kierch

10. 12. 13. 14. 18. 19. AUGUST 2023

20:30 – 23:00 (mat Entracte)



Léif Frënn vum Theater,

am Numm vum Schäffen- a Gemengerot vun Esch-Sauer sinn ech immens frou, datt e Fräiliichttheater am Kader vun *Esch***23** konnt organiséiert ginn.

Vun Ufank u war et eis wichteg, datt mir de Programm vun *Esch***23** zesumme mat den Awunner:innen aus eisen 13 Dierfer an all de Veräiner opstellen. Fir dat Ganzt ze plangen, goufe si op Versammlungen invitéiert, wou am Fréijoer 2022 d'Iddi vun enger gemeinsamer Theateropféierung entstanen ass.

D'Theaterspille war an eisen Dierfer ëmmer ganz staark ausgepräägt. Bei eis ass net nëmme vill, mee och héichwäertegen Theater gespillt ginn. Dës Traditioun soll elo mat enger eenzegaarteger Opféierung weidergefouert ginn, well e Vollekstheater am Fräie mat nëmmen Amateuren ass et bis elo nach ni an eiser Gemeng ginn. Mir sinn houfreg, datt mam Claude Mangen eng Gréisst aus der Lëtzebuerger Theaterzeen sech bereet erkläert huet, fir dëse Projet mat eis op d'Been ze stellen. Als „Eschdöerfer Jong" huet hien eis dëst Theaterstéck geschriwwen an huet och d'Regie iwwerholl. Domat ass „tëschtzwee" en hausgemaache Projet, dee sech iwwer Méint an Zesummenaarbecht mat „Amateuren" ënner professionellem Encadrement entwéckelt huet.

Dës Opféierung huet eis gewisen, datt mir beim Plangen an Opriichte vun der Bün, beim Spillen, beim Maquillage oder bei der Coiffure op vill verschidde Kompetenzen aus eiser Bevëlkerung kënnen zeréckgräifen. D'Theaterspille bréngt awer och ënnerschiddlech Persounen a verschidde Generatiounen zesummen, fir un engem gemeinsame Projet ze schaffen. Dat schaaft Austausch a Verbonnenheet ënner de Leit aus eisen Dierfer. Dofir wënschen ech mir fir d'Zukunft weider kulturell Evenementer, déi d'Zesummewuessen an eiser Fusiounsgemeng férderen.

Et bleift mir nach, e MERCI auszeschwätzen, engersäits un de Kulturministère fir déi generéis finanziell Ënnerstëtzung an anerersäits un déi vill Leit, déi hei um Terrain virun, op an hannert der Bün dozou bäigedroen hunn, datt dëse Spektakel konnt realiséiert ginn.

Laurent Hilger
Buergermeeschter

Avec le soutien financier du ministère
de la Culture du Grand-Duché de Luxembourg

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

# E puer Wuert zum Stéck „tëschtzwee“ vum Auteur a Regisseur **Claude MANGEN**

Erënnerungen un eis Virfare sinn eppes, wat mir déif verwuerzelt an eisem Kierper mat ronderëm droen, wat an eise Muskele gespäichert ass an eis Geste beaflosst, eppes, wat eist Verhale fir ëmmer bestëmmt. Dës Kandheetserliefnesser hunn dacks keng Wierder, komme spontan an de Kapp, an et sinn oft banal Erënnerungen, déi een nëmme kuerz ze pake kritt. Wichteg sinn awer d’Gefiller, déi domat verbonne sinn!

Ech probéieren, Geschichten aus menger Kandheet a Jugend, Erënnerungen a Stëmmungen anzefänken, no Erlieftem ze gräifen, fir et Figuren, Charakteren a Rollen an de Mond ze leeën. Natierlech ass d’Theaterstéck keng wouer Geschicht, alles fräi erfonnt an aus ville klenge Situatiounen, Wierder a Sätz zesummegeläimt a -gepléischtert! Ech probéieren, den Zäitgeescht vun deemools mat där néideger Distanz op d’Bün ze bréngen.

Natierlech stécht vill Perséinleches dran, well ech am Duerf, an der Gemeng opgewuess sinn, a meng éischt Schrëtt op enger Bün zu Eschduerf am Veräinsbau konnt maachen. Deemno ass dëse Projet och eng Geleeënheet, e Stéck Liewen hannert sech ze loossen, ze verschaffen an ze verdauen. Ech hu grouss Loscht a Freed, mech där Aventure ze stellen!

„tëschtzwee“ ass op verschidde Manéieren ze verstoen - dat hin an hier gerappt sinn tëscht dem Liewen dobannen an dobaussen, tëscht dobleiwen a fortgoen, tëscht Vergaangenheet an Zukunft, tëscht dës Säit an déi Säit. „tëschtzwee“ steet awer och fir dat, wat sech tëscht zwee Mënschen ofspillt.

„tëschtzwee“ ass e Vollekssték an der Traditioun vun de Lëtzebuerger Schrëftsteller Max Goergen a Josy Imdahl, déi am Ufank vum 20. Joerhonnert den Duerftheater markéiert hunn. An hire Stécker gi konservativ Wäerter verdeedegt an déi „gutt al Zäit“ op d’Brieder bruecht. D’1960er lauden eng nei Zäit an, eng Period vu wirtschaftlechem Opschwong, vu soziale Verännerungen an neie Fräiheeten, begleet vun Ängschten an Onsécherheet.

Am Mëttelpunkt stinn dräi jonk Fraen, déi an de 1960er an 1970er Jore versichen, hiert Gléck ze fannen! Dräi Frëndinnen, dräi ënnerschiddlech staark Charakteren, déi hire Wee an eng aner, eng besser Welt sichen; sief et doheem oder wäit ewech vum Duerf, an deem si hir Plaz ni konnte fannen. Inspiréiert hunn ech mech heifir un den traditionellen Theaterfiguren, d’Meedche vu Gëtzen, Schmattslisy an der Joffer Marie-Madeleine. D’Schicksal vun dëse jonke Frae kritt a mengem Text eng aner Entwécklung an déi dräi iwwerliewen a wieren haut ëm déi 80 Joer al. Vläicht fanne mer se am Publikum erëm?

Nieft deene Vollekssstécker vu Goergen an Imdahl begéint een och Theemen a Figuren aus dem russesche Schrëftsteller Anton Tschechow sengen Dramaen. D’Fabel „Die drei Schwestern“ kritt mam Fini, mam Lisi a mam Léini eng lëtzebuergesch Séil. Genee wéi hir russesch Kusinne versichen dës jonk Fraen, hire romantesche Virstellunge vu enger erfëllter Léift nozegoen, dreemen dervun, am Ausland eng grouss Karriär ze maachen, oder wiere sech géint déi langweileg Welt, déi si doheem gefaangen hält. Um Enn huele se hiert Schicksal un a maachen dat Bescht draus.

En anere Personnage ass de Monni Jäng, dee wäitleefeg Famill ass mam Tschechow sengem „Onkel Wanja“ a wann d'Tréis säi Bongert ofgeholzt kritt, erënnert dat staark un „Der Kirschgarten“, eent vu menge léifste Stéck, dat ech d'Chance hat, am Januar 2010 am Kapuzinertheater ze inzenéieren. Schonn 2003 konnt ech Regie féiere beim Pol Greisch senge „Kiischtebléien“, bei deem de Schluss vun „Der Kirschgarten“ weidergesponne gëtt. Dofir ass meng Theateraarbecht dëse Summer 2023 och en Hommage un de Pol Greisch, ee vun de wichtegste Lëtzebuerger Theaterauteuren. Wann ee mir virwerft, ech hätt bei dëse grousse Schrëftsteller geklaut, kann ech domat liewen. Et ass mir wéi scho bei vergaangenen Theateraarbechten nees drëm gaangen, aus dësen Texter an Inspiratiounen eppes Neies, eppes Eegenes ze schafen. Ech hoffen, dat ass gelongen.

Theater spillt een ni eleng. Dowéinst hunn ech grousse Respekt virun den Acteuren an Actricen, déi wärend ville Prouwe gehollef hunn, dës Figure mat Liewen ze fëllen. Et war eng immens Freed, dës Personnagen zesummen ze entwéckelen. E grousse Merci geet och un d'Bünenekipp, déi wierklech Grousses geleescht huet. Net ze vergiessen déi fläisseg Hänn, déi bei de Kostümer, de Coiffuren an dem Maquillage hëllefen. Merci de politesche Responsabele vun der Gemeng Esch-Sauer, déi de Courage haten, sou eng ambitiéis Theateraventure unzegoen an ze finanzéieren, mat Hëllef vum Kulturministère a vu private Sponsoren.

„tëschtzwee“ liwwert keng Äntwerten, well d'Liewe selwer och keng huet a voller Iwwerraschunge bleift. Dowéinst schléissen ech mat deenen dräi Frëndinnen hirer Philosophie um Schluss vum Stéck of:

Fini: *Mir gi vergiess. Am Duerf weess kee méi eppes iwwert eis.*

Lisi: *Wa mir bis eng Kéier dout sinn, kommen anerer an eis Plaz. An déi liewen hir Geschichten an och déi si banal an onwichteg a rëm séier vergiess.*

Léini: *Souwäit ass et nach net. Ech héieren d'Musek spillen.*

Lisi: *Sou laang déi spillt, ass nach net Feierowend.*

Fini: *Ech hu sou Loscht ze liewen. Komm mir danzen!*



*D'Musek mécht hiren Ausfluch op Rotterdam*



*D'Musek kritt en neie Fändel*

# ËM WAT GEET ET AM STÉCK

**1. AKT** Fréijoer 1963 **Opbroch no engem schroe Wanter**

Et ass Jousefsdag a kleng Kiermes. D'Fini kënnt mat senger Mamm aus der Fréimass an de Wëllem an den Änder ginn hirer Aarbecht no. De Mill kënnt fir eng Commande an d'Schräinerei a léiert d'Tatta Zëssil kennen. Am Duerf gëtt dat bekannt Theaterstéck „D'Joffer Marie-Madeleine" opgefouert an d'Léini spillt d'Haaptroll. Och wann d'Prouwen net sou lafen, wéi d'Joffer Irma dat wëll, gëtt et e groussen Erfolleg. Souguer d'Klärchen Zenner aus der Stad war kucke komm. D'Lisi hat dem Mill versprach, Halleffaaschte mat op de Fuesbal ze fueren, an nom Stéck feieren déi Jonk bis spéit an d'Nuecht am Veräinssall. D'Frae gi Karfreideg beichten, an d'Musek hänkt de Meekranz beim Café „An der Hell" op. A wann déi Äishelleg bis eriwwer sinn, kënnt de Summer. D'Leit liewen am Rhythmus vun de kierchleche Feierdeeg a vun der Natur.

**2. AKT** Summer 1968 **Eng Zäit vun Oprou an Onsécherheet**

Et ass Nationalfeierdag an d'Musek kënnt heem vun hirem Ausfluch op Rotterdam. D'Lisi an de Mill sinn eng Koppel a gi geschwë bestuet. D'Léini kënnt fir d'Hochzäit zeréck vu Paräis. Net alles ass, wéi et no bausse schéngt. D'Hochzäitsfeier ass iwwerstanen, awer den Hausseegen hänkt schif. De Mill spiert sech wuel a senger neier Roll als Haushär a gëtt dem Lisi an der Famill dat ze spieren. De Café leeft gutt, besonnesch well dem Jules seng Frënn aus der Stad vill op Besuch kommen. De Ben an d'Niki sichen eng Plaz fir ze iwwernuechten an de Mill iwwerléisst hinne seng Juegdbud. D'Famill Lamesch vun Zolwer kënnt op d'Kiermes a wann se um Bal all sangen „Dat war e schéinen Owend", heescht dat net, dass et och sou war.

**3. AKT** Hierscht 1973 **D'Enn vum Nokrichsboom**

Et ass d'Zäit, fir déi lescht Äppel am Tréis sengem Bongert ze plécken, well d'Marie-Louise huet seng Deel gefrot an de Jules baut eng Cité a Peller hire Pesch. De Jäng an d'Tréis solle spéider an en Appartement an déi nei Residence plënneren. Ier d'Scheier renovéiert gëtt, fir Vakanzewunnengen dran ze maachen, plangen d'Niki an de Louis zesumme mam Bisi a mam Ben nach e grousse Konschthappening. Déi ganz Kulturavantgarde ass um Rendez-vous. Dem Mill seng Eltere si gestuerwen an hie kënnt no laanger Zäit zeréck an d'Duerf mat enger neier Fra. D'Musek kritt Cäciliendag en neie Fändel an d'Gemeng feiert 1200 Joer. Ma sou richteg Stëmmung kënnt keng op.

**4. AKT** Wanter 1982 **Eng nei Zäit**

Et ass Silvester an d'Fini, d'Lisi an d'Léini feieren zesummen an dat neit Joer eran. Et gëtt Zäit, zeréckzekucken an éierlech mateneen ze sinn. Wat ass net alles geschitt an deene leschten 20 Joer, wéi huet d'Duerf sech verännert a wat kann ee vun där neier Zäit erwaarden. D'Liewe stécht voller Iwwerraschungen a näischt bleift, wéi et ëmmer war. Déi jonk Kënschtler wunnen nach ëmmer an der Juegdbud a plangen e Concert mat Rockballaden op Lëtzebuergesch beim Lisi am Bistro. Duerno ass da Fuesbal wéi fréier, wou se all nach eemol zesumme kommen, fir sech fir ëmmer Äddi ze soen.

# ROLLEN

**Roger ORIGER**
Guillaume GOERGEN, Schräiner Wëllem

**Wendy WAGENER**
Elise GOERGEN, Lisi (säi Meedchen)

**Nicole THULL-DONCKEL**
Zëssil FELTEN, Tatta Zëss

**Christian NAPOLI**
André HILBERT, Änder (Gesell beim Wëllem)

**Lol KUFFER**
Emile BOURKEL, Mill (Gemengesekretär)

**Diane KUFFER**
Klara ZENNER-BOURKEL, Klärchen (dem Mill seng Cousine)

**Jean-Marie GENGLER**
Henri LAUER, Pëlches Heng (Bauer)

**Simone WAGENER**
Margréit LAUER-PELLER, Gréit (seng Fra)

**Catherine HEITZ**
Josefine LAUER, Fini (hiert Meedchen)

**Pit EVERLING**
Michel LAUER, Mich (hire Bouf)

**Annette DEMUTH-LUTGEN**
Thérèse PELLER-DIDIER, Tréis (dem Jäng an dem Marie-Louise hir Mamm)

**John HAMMES**
Jean PELLER, Jäng (dem Tréis säin eelste Jong)

**Patricia HEMMER-DOSTERT**
Marie-Louise LAMESCH-PELLER (dem Jäng seng Schwëster)

**Gollo STEFFEN**
Felix LAMESCH (dem Marie-Louise säi Mann – Entrepreneur)

**Charel ELSEN**
Jules LAMESCH (hire Fils, dem Jäng säin Neveu an dem Tréis säin Enkel)

**Annick NICKELS**
Georgette WEBER, Josch (dem Jules seng Frëndin – Spillschoulsjoffer)

**Liss WALISCH**
Madeleine WETZEL, Léini (eng jonk Actrice)

**Steven FISCHER**
François WETZEL, Fränz (dem Léini säi Brudder – Journalist)

**Liz MULLER**
Nathalie PEFFER, Natti (dem Fränz seng Frëndin)

**Pia WALISCH**
Nicole FRIOB, Niki (Konschtstudentin)

**Dennis MICHELS**
Ben REIMEN (Cyclist an Ënneroffizéier)

**Mathias SCHOLL**
Louis DUPONG (Literaturstudent an Auteur)

**Tatjana HERR**
Monique BESENIUS, Bisi (eng jonk Kächen)

**Annick MAGERMANNS**
Françoise LAMBORELLE (dem Bisi seng Frëndin – Vendeuse)

**Gwenaëlle DUPRIEZ**
Véronique BOURKEL (dem Françoise an dem Mill hir Duechter)

**Myriam GOEDERT**
Irma GODART (Léierin an der Primärschoul)

**Monique STEINES**
Barbara MILTGEN, Bitz Bebbi (Néiesch)

**Romaine KUFFER**
Emilie MILTGEN, Milli (dem Bebbi seng Schwëster)

**Marco SCHANK**
Nobert TOUSSAINT (Hausdokter)

**Karin MALINI**
Ginette „Sweet Musette“ (Akkordeonistin)

# EKIPP

**Claude MANGEN**
Konzept, Text a Regie

**Jenny SCHANK**
Regieassistenz an Inspizienz

**Jean-Paul BECKERICH**
Koordinatioun a Realisatioun Bün

**Carlo MULLER**
Koordinatioun a Realisatioun Bün

**Sara HAAS**
Pläng a Maquette Bün

**Béa DONDLINGER**
Finissage Bün a Wallis patinéieren

**Steve DEMUTH**
Beliichtung

**Max BERENS**
**Marc HEMMER**
**Joé HERRMANN**
**Christian ORIGER**
**René WEIS**
Opbau Bün

**Ulli KREMER**
Kostümer

**Tanja MATGEN**
Coiffuren

**Anny EVERLING-THEIS**
**Vicky HEFTRICH**
Maquillage

**Nathalie KUFFER-MACHADO**
**Brigitte SCHOLL**
**Simone WAGENER**
Garderobe a Requisiten

**Laurent HILGER**
**Mireille WELTER**
Oweskeess

**Lil FEINEN**
**Sandra MARNACH**
**Edmée SCHANK-BISDORFF**
**Jacques SCHANCK**
**Michèle SCHANK**
**Audrey WEINQUIN**
**Mario ZOETAERT**
Ticketing

**Pol SCHOLTES**
Koordinatioun Catering



# D'FIGUREN AN HIR GESCHICHT

**Roger ORIGER** - Guillaume GOERGEN, Schräiner Wëllem

De Wëllem huet d'Schräinerei an d'Wiertschaft vu sengen Elteren iwwerholl. Hie gouf fréi Wittmann, wéi d'Susanne FELTEN, seng Fra, iwwer der Gebuert vum Lisi mat 25 Joer verstuerwen ass. De Wëllem hat deemools, matzen am Krich, 29 Joer, wollt eng Famill grënnen an de Betrib ausbauen. Am Theaterstéck „D'Joffer Marie-Madeleine" spillt hien de Jang, dem Märiléini säi Papp.

**Wendy WAGENER** - Elise GOERGEN, Lisi (säi Meedchen)

D'Elise koum den 19.11.1943 op d'Welt. Hatt mécht dem Wëllem de Stot a nieft de Schreiwereien an der Schräinerei féiert d'Lisi mat sengem Papp d'Wiertschaft, déi et spéider mat klenger Restauratioun ausbaut. De Café Goergen „An der Hell" gëtt an den 1970er Joren eng beléift Adress fir Ausflich a Vakanzen. Hei begéine sech Studenten, déi de Summer um Stau verbréngen. D'Lisi ass gutthäerzeg a liewensfrou an hëlt d'Saachen, wéi se kommen.

**Nicole THULL-DONCKEL** - Zëssil FELTEN, Tatta Zëss

D'Zëssil ass d'Schwëster vum Susanne, dem Elise senger Mamm. D'Tatta Zëss war ni bestuet, huet sech ëm d'Lisi gekëmmert an et grouss gezunn. D'Zëssil war Infirmière am Krich an huet spéider fir Hiewan geléiert, lo schafft et an enger Klinik. De Wëllem an d'Zëssil si sech no. Wat tëscht hinnen ass, wësse just si.

**Christian NAPOLI** - André HILBERT, Änder (Gesell beim Wëllem)

Den Änder ass Gesell beim Wëllem an der Schräinerei. Niewebäi mécht hie Konschtschräinerei, Skulpturen a Statuen. Fir d'Theaterstéck „D'Joffer Marie-Madeleine" moolt hien den Dekor. Den André gesäit d'Fini gär, ass awer ze schei, fir him dat ze gestoen. Spéider deelt hien den Atelier mam Nicole FRIOB, dem Niki, wat an Däitschland Konscht studéiert.

**Lol KUFFER** - Emile BOURKEL, Mill (Gemengesekretär)

De Mill ass Gemengesekretär an e Fraleitsgeck. Am Theaterstéck „D'Joffer Marie-Madeleine" spillt hien de Klos, dem Märiléini säi Freier. Dem Emile seng Elteren haten e Bauerebetrib mat Millen op der Sauer. De Staat hat d'Millen an den 1950er Joren opkaaft, wéi de Barrage gebaut gouf. D'Famill ass doropshin an d'Duerf geplënnert. De Mill ass engagéiert an der Duerfmusek.

**Diane KUFFER** - Klara ZENNER-BOURKEL, Klärchen (dem Mill seng Cousine)

D'Klärchen ass mam Affekot ZENNER bestuet an eng houfreg Stater Damm, déi ni vergiess huet, vu wou se hierkënnt. D'Klara staamt och vun der Bourkelsmillen an hat virum Krich d'Roll vun der Joffer Marie-Madeleine gespillt. D'Klara weist sech gär am Duerf, besonnesch wann Theater gespillt gëtt oder Por-Basar ass. Fir deen neie Fändel vun der Musek léisst d'Klara als Giedel eng déck Zomm sprangen.

## **Jean-Marie GENGLER** - Henri LAUER, Pëlches Heng (Bauer)

Den Heng hat 42 Joer, wéi d'Josefine op d'Welt koum, an ass mat 46 nach eemol Papp ginn, wéi de Michel gebuer gouf. Hien huet sech nom Krich eropgeschafft an de Betrib an de 1950er Jore moderniséiert, e Schaffert, dee wéineg Versteesdemech huet fir senge Kanner hir neimoudesch Usiichten. Hie stierft mat 72 Joer, wéi en am Stall vun engem Stéier erdréckt gëtt. De Michel iwwerhëlt doropshin de Betrib.

## **Simone WAGENER** - Margréit LAUER-PELLER, Gréit (seng Fra)

D'Gréit ass dem Heng seng Fra an d'Mamm vum Josefine a vum Michel. D'Hochzäit vum Gréit mam Heng 1939 war eng Hellecht. D'Margréit koum mat 28 Joer als Schnauer op de Pëlches-Haff. D'Gréit ass eng brav a fromm Fra, déi vill an d'Kierch geet. Dem Margréit säi Brudder, den Dominique Peller, war mam Thérèse Didier bestuet. Deemno sinn d'Gréit an d'Tréis Schwéieschen. D'Gréit spillt am Theaterstéck „D'Joffer Marie-Madeleine" d'Mreikett, dem Märiléini seng Mamm.

## **Catherine HEITZ** - Josefine LAUER, Fini (hiert Meedchen)

D'Fini ass de 24.02.1942 gebuer. Dem Josefine seng Eltere féieren e mëttelgrousst Bauerewiesen „a Pëlches". De Mich, säi klenge Brudder, soll eemol de Betrib viruféieren. Dem Fini seng Mamm, d'Gréit, huet keng stabil Gesondheet an dowéinst hëlleft hatt doheem. Et ass eng liewensfrou jonk Fra an iwwerall do, wou eng Kaz geschleeft gëtt. D'Fini weess, wéi een d'Männer ëm de Fanger wéckelt a gliddeg mécht. D'Josefine gëtt awer mat de Jore schwéiermiddeg an depressiv, kritt awer dank dem Lisi a Léini d'Kéier.

## **Pit EVERLING** - Michel LAUER, Mich (hire Bouf)

De Mich ass dem Josefine säi klenge Brudder. Hien iwwerhëlt mat 26 Joer de Bauerebetrib vu sengem verstuerwene Papp. Zesumme mat aneren aus der Géigend grënnt hien eng Baueregenossenschaft, déi sech mam Ubau a Vertrib vu Gromperen en Numm mécht. E besonnesch lukrative Geschäftsmodell. Mam Opkomme vum Tourismus ronderëm de Séi liwwert seng Firma fäerdeg Fritten an d'Restauranten, souguer bis op Ostend.

## **Annette DEMUTH-LUTGEN** - PELLER-DIDIER Thérèse, Tréis (dem Jäng an dem Marie-Louise hir Mamm)

D'Tréis ass d'Wittfra vum Dominique PELLER, genannt Woner Dëmm, an domat dem Gréit seng Schwéiesch. Dem Jäng seng Mamm verwalt mat hirem Bouf den Haff, dee mat de Joren ëmmer méi erofgewirtschaft gëtt. Hire ganzen Houfert ass e Bongert hannert dem Haus. D'Tréis huet och e Meedchen, d'Marie-Louise, wat mat engem Entrepreneur vun Zolwer, dem Felix LAMESCH, bestuet ass.

## **John HAMMES** - Jean PELLER, Jäng (dem Tréis säin eelste Jong)

De Jäng lieft als Jonggesell mat der Mamm um Haff. Hie gesäit keng Zukunft am Bauerewiesen a geet op d'Fabrik schaffen. De Jäng ass Kommandant vun de Pompjeeën an dréit bei der Musek de Fändel. De Jäng war agezunn an huet d'Zéiwen a Russland erfruer. Dee grousse Bongert hannert dem Haus läit matzen am Duerf a gëtt op Drock vum Marie-Louise, senger Schwëster, an op Wonsch vum Jules, sengem Neveu, ofgeholzt. De Jäng wiert sech net, wéi sou dacks!

**Patricia HEMMER-DOSTERT** - Marie-Louise LAMESCH-PELLER (dem Jäng seng Schwëster)

D'Marie-Louise ass dem Tréis seng Duechter an dem Jäng seng Schwëster. D'Louise war um Fieldgen am Pensionat an huet fir Sekretärin geléiert. Seng Mamm wollt, dass et en décke Bauer géif bestueden. Ma doraus gouf näischt. D'Marie-Louise ass bei de Lamesch op Zolwer op de Büro schaffe gaang an huet spéider dee jonke Patron bestuet. Lo ass hatt d'Fra vum Felix LAMESCH an d'Mamm vum Jules, hirem eenzege Bouf.

**Gollo STEFFEN** - Felix LAMESCH (dem Marie-Louise säi Mann – Entrepreneur)

De Felix huet vill ze dinn a kann dacks net derbäi sinn, wa seng Fra a säi Fils an d'Éislék bei d'Famill kommen. Wann wawer seng Firma déi nei Schoul baut oder wann de Bongert ofgeholzt gëtt, fir eng Cité ze bauen, ass hien derbäi. Wann et muss sinn, spendéiert hie souguer Instrumenter fir d'Musek a gëtt Pätter beim neie Fändel.

**Charel ELSEN** - Jules LAMESCH (hire Fils, dem Jäng säin Neveu an dem Tréis säin Enkel)

De Jules huet Architektur a Fotografie zu Bréissel studéiert a kënnt dacks a gären an d'Éislék bei d'Bom an de Monni Jäng an d'Vakanz, wou hien de Summer mat Kolleegen um Stau verbréngt. Spéider kënnt hie bei de Papp an de Betrib a plangt déi nei Cité, wou soss de Bongert war. Aus der Scheier mécht hie Vakanzewunnengen.

**Annick NICKELS** - Georgette WEBER, Josch (dem Jules seng Fréndin – Spillschoulsjoffer)

D'Josch ass Léierin an der neier Spillschoul. Hatt engagéiert sech fir d'Natur, demonstréiert fir Fridden an ass géint en Atomkraaftwierk op der Musel. Well dem Josch seng Elteren eng Gäertnerei um Nopeschduerf haten, kuckt hatt d'Liewen um Land kritesch. Hatt schwäermt vum alternative Liewen um Duerf, wëll eegent Geméis zillen, Schof halen a Woll spannen.

**Liss WALISCH** - Madeleine WETZEL, Léini (eng jonk Actrice)

D'Léini ass den 19.03.1945 gebuer a spillt d'Titelroll an der „Joffer Marie Madeleine". Well d'Léini Talent huet, fir ze sangen an ze spillen, wëll hatt op Paräis op eng Theaterschoul goen. Seng Mamm ass Italieenerin an dowéinst war hatt dacks mat sengem Brudder zu Zowaasch beim Nonno an der Nonna. Si sinn an d'Géigend geplënnert, well säi Papp eng Plaz um Barrage krut. 1968 kënnt d'Léini zeréck vu Paräis fir d'Hochzäit vum Lisi mam Mill. Dat verlugent konservatiivt Liewe stéisst him sauer erop. D'Léini geet zeréck a probéiert eng Karriär beim Film.

**Steven FISCHER** - François WETZEL, Fränz (dem Léini säi Brudder – Journalist)

De Fränz, dem Léini säi Brudder, huet Journalismus zu Bréissel studéiert a kennt dowéinst de Jules gutt. Ufangs der 1970er Jore schreift hie fir d'Tageblatt a recherchéiert an der sougenannter „Burfelt Affär". 1974 geet hie fir d'Sozialiste mat an d'Chamberwalen. Am Duerf nenne se hien de „roude Fränz", de Pafefrësser!

## **Liz MULLER** - Nathalie PEFFER, Natti (dem Fränz seng Frëndin)

D'Natti ass dem Fränz seng Frëndin. D'Natti ass aus guddem Haus a schafft an der Stad um nei gegrënnte „Planning Familial“, wou et sech fir sexuell Opklärung a Fraerechter engagéiert. D'Nathalie ass 1972 Grënnungsmember vum Mouvement de libération des femmes a politesch genee sou engagéiert wéi de Fränz. Si sinn net bestuet a wëllen och keng Kanner.

## **Pia WALISCH** - Nicole FRIOB, Niki (Konschtstudentin)

D'Niki studéiert Konscht am Ruhrgebitt op der Folkwangschule. Zesumme mam Ben a mam Louis lieft hatt baussent dem Duerf am Mill senger Juegdbud. Hei féieren déi dräi en Hippieliewen a maachen dacks Party beim Elise am Café. D'Fribchen organiséiert eng Ausstellung am Monni Jäng senger Scheier, ier Vakanzewunnengen drakommen.

## **Dennis MICHELS** - Ben REIMEN (Cyclist an Ënneroffizéier)

De Ben ass besonnesch sportlech an e bekannte Lëtzebuerger Cyclist mat engem remarkabele Palmarès. Hien ass Ënneroffizéier um Härebierg a plangt eng Brigade Mobile bei der Gendarmerie. Hien ass faszinéiert um Niki an um Louis hirer Kreativitéit a genéisst d'Liewe mat hinnen an der Juegdbud. Déi dräi féieren eng oppe Bezéiung.

## **Mathias SCHOLL** - Louis DUPONG (Literaturstudent an Auteur)

De Louis ass den Enkel vum Staatsminister, a well d'Klärchen Kannermeedche bei Dupongs war, huet hatt de Louis versuergt. De Louis geet op Wien Theater a Literatur studéieren. Hie schreift Libesgedichter an eege Lidder op Lëtzebuergesch. Spéider wëll hie Schrëftsteller ginn a vläicht och en eegene Verlag grënnen. Hie schreift un engem Theaterstéck iwwer d'Géigend a plangt e Concert mat senger Band beim Lisi am Café.

## **Tatjana HERR** - Monique BESENIUS, Bisi eng jonk Kächen

D'Bisi war an der Haushaltungsschoul an ass eng aussergewéinlech gutt Kächen. Wa vill Betrib ass beim Lisi „An der Hell“, hëlleft hatt aus. Dat mécht him Spaass an d'Clienten komme méi a méi wéinst deem gudden Iessen. Spéider mécht d'Bisi Karriär an der Gastronomie. Well hatt gutt séngt, an iwwerhaapt e Lëschtegt ass, ass d'Monique beléift am Duerf.

## **Annick MAGERMANNS** - Françoise LAMBORELLE (dem Bisi seng Frëndin – Vendeuse)

D'Françoise ass eng Frëndin vum Bisi an hëlleft och beim Lisi am Café. Hatt ass Vendeuse an der Confiserie „Dragée Gourmande“ zu Baaschtnech. Ob de Mill scho virun der Hochzäit mam Lisi eppes mam Françoise hat, gi mer ni gewuer. Si féiere spéider e gutt Bestietnes. Hatt kritt et net einfach gemaach, fir sech am Duerf als „dat Neit“ ze behaapten.

**Gwenaëlle DUPRIEZ** - Véronique BOURKEL
(dem Françoise an dem Mill hir Duechter)

D'Véronique kënnt 1970 op d'Welt an ass d'Meedche vum Françoise a vum Mill. Wéi dem Mill seng Eltere stierwen, ierft hien d'Haus an decidéiert, zeréck an d'Duerf wunnen ze kommen, fir dass d'Kand zu Lëtzebuerg kann an d'Schoul goen.

**Myriam GOEDERT** - Irma GODART (Léierin an der Primärschoul)

D'Joffer Godart ass Léierin an der Primärschoul. Am Krich gouf si op Tréier versat, fir „deutsches Beamtentum" ze léieren, a war motivéiert, dat spéider an der Klass ëmzesetzen. Keng einfach Zäit fir d'Irma. Haut ass si eng opgekläerte Persoun, déi Regie féiert beim Theaterstéck. Lëtzebuerger Sprooch a Literatur leien hir um Häerz. Si huet en An op villes, wat am Duerf geschitt, hält sech awer meeschtens zeréck. D'Irmchen drénkt gären e Pättchen, a fëmmt vun Zäit zu Zäit hir Zigarilloen.

**Monique STEINES** Barbara MILTGEN, Bitz Bebbi (Néiesch)

D'Bebbi huet de Kostüm vun der Joffer Marie-Madeleine entworf, bitzt och Engelcherskostümer fir d'Pressessioun a Kommiounskleeder. D'Néiesch ass ëmmer an iwwerall derbäi an huet och dem Elise säi Brautkleed geschneidert. Seng grouss Léift, de Michael, huet et op d'Schëff geschéckt, schwäermt awer nach ëmmer fir Uniformen a blénkeg Knäpp. D'Bebbi féiert mat senger Schwëster, dem Milli, eng kleng Mercerie.

**Romaine KUFFER** - Emilie MILTGEN, Milli (dem Bebbi seng Schwëster)

D'Milli ass dem Bebbi seng Schwëster. Nieft der Mercerie féiert d'Milli e klengt Bauerewiese mat zwou Kéi, e puer Hénger a Kanéngercher. D'Emilie dréit Zeitungen aus am Duerf a weess iwwer alles Bescheed oder mengt jiddefalls, iwwer alles Bescheed ze wëssen, a seet, wat et ze soen huet.

**Marco SCHANK** - Nobert TOUSSAINT (Hausdokter)

De Nobbes ass Hausdokter a kennt d'Kränkte vun de Leit am Duerf. Hie weess, wou et si plot an dréckt, a kënnt vun Zäit zu Zäit de Bols fillen. Besonnesch d'Gréit ass eng vu senge beschte Patientinnen. Wéi hien den Drock an der Klinick net méi packt, keeft hien en Appartement an der neier Residence a mécht eng Praxis op. D'Bisi gëtt seng Sekretärin.

**Karin MALINI** - Ginette „Sweet Musette" (Akkordeonistin)

D'Ginette ass eng bekannt Akkordeonistin, déi well mat prominente Museker gespillt huet. Si war beim Johnny Glesener am Danzorchester, huet fir de Greg Denis Placken opgeholl an de Camillo Felgen op enger Tournée begleet. De Mill ass frou, dass hien dës dichteg Musekerin fir de Kiermesbal konnt engagéieren.






*Et geet näischt iwwert dem Mich seng gutt Fritten*






*Gutt Stëmmung um Gromperefest*

# Am Gespréich mam **Carlo MULLER**

**D'Stéck „tëschtzwee" spillt matzen am Duerf a notzt dat natierlecht Ëmfeld als Spillplaz. Nieft der Kierch an dem Paschtoueschhaus dominéiert awer eng iwwerdimensional Wallis, déi op enger Plattform steet. Dir realiséiert a koordinéiert d'Aarbechten un der Bün. Wat waren éischt wichteg Schrëtt, fir dësen opwännege Projet an Ugrëff ze huelen?**


Wou ech gefrot gouf, fir d'Koordinatioun vum Projet ze iwwerhuelen, krut ech scho matgedeelt, datt de Jean-Paul BECKERICH och op deem Projet géing hëllefen, a well ech weess, datt hien nach e wierklechen Handwierker ass, hunn ech déi Charge acceptéiert. An enger éischter Reunioun krute mir de Projet virgestallt an d'Sara HAAS (och vun Eschduerf an Architektin vu Beruff) huet proposéiert, Pläng ze zeechnen an eng Maquette vun der Bün ze maachen. Doropshin hunn ech eng Ekipp op d'Bee gestallt, fir den Opbau ze maachen. Dozou gehéieren nieft dem Jean-Paul nach de Marc HEMMER, de Max BERENS an de Joe HERRMANN. Doropshin hu mir eis nach e puer Mol getraff, an opgrond vun der Maquette huet de Joe en 3-dimensionale Plang als Basis opgestallt. Nodeem mir op der Plaz den definitiven Emplacement festgeluecht haten, krute mer vun der Gemeng dat néidegt Material ënnert der Opsiicht vum Jean-Paul op d'Plaz geliwwert a ware prett fir d'Opriichten.

**De Bau vun der Wallis war eng vun de gréissten Erausfuerderungen, souwuel fir d'Konstruktioun ze stabiliséieren, awer och, well den Deckel soll kënnen opgoen. Dofir brauch et Knowhow an Experienz. Wéi hutt Dir dësen net alldeeglechen Challenge gemeeschtert a wat waren déi decisiv Etappen, bis alles funktionéiert huet?**

Mir krute vun der Regie genau Explikatiounen, wat géif gebraucht ginn. Opgrond vun der Gréisst an dem Besoin, datt den Deckel muss wärend der Opféierung kënnen op an zou gemaach ginn, hu mir eis de Kapp zerbrach, wéi dat technesch méiglech ass. Zesummen hu mir ausgetüftelt, datt d'Op- an Zoumaache just mat Hëllefsmotor ka funktionéieren. Well de Joe e gudde Computerprogramm huet, fir déi technesch Detailer grafesch duerzestellen, hate mer séier e Plang a mir konnte bauen. Fir d'éischt hu mer d'Plattform opgeriicht (mat dem néidege Géigegewiicht, fir den Deckel ze packen), a well de Jean-Paul scho gutt Viraarbecht geleescht hat, si mer séier virukomm. Mir kruten och Hëllef aus dem Duerf mat engem Teleskoplader, fir déi verschidde Kaderen opzeriichten. Sou huet de Christian ORIGER mat senger Maschinn tatkräfteg gehollef, a mir haten an engem Moien de Kader vun der Wallis do stoen. Dono ass den Deckel um Buedem montéiert ginn, an nodeem eis Seelzich installéiert waren, koum de spannende Moment, fir den Deckel eng éischte Kéier ze hiewen. Dat huet direkt funktionéiert a mir konnten eis un d'Verkleede vun der Wallis maachen. Mir hunn natierlech all Sécherheetsaspekt mat abezunn a leeën déi ganzen Zäit grousse Wäert drop, datt alles sécher ofleeft. Zum Schluss koum nach d'Dekoréieren. Do huet d'Bea DONDLINGER säi Kënne matbruecht an ënnert senger Leedung ass dat Ganzt finaliséiert ginn.

**Et ass beandrockend, wéi vill Kompetenz bei sou engem Projet zesummefënnt, an nach méi impressionnant ass, dass een dëst Wëssen a Kënnen op der Hausdier huet. Wéi a wéini hutt Dir zesummegeschafft a wat fir Erfarunge matenee gedeelt?**

Op d'Kompetenzen ugesprach, sou kann een nëmme staunen, wat an engem klengen Duerf alles do ass. Ouni vill engem ze fléiwen, ass eis Ekipp reegelméisseg zesumme komm, an ech kann nëmme soen, datt et e Genoss war, mat deene Leit zesummenzeschaffen. Sou hate mir, ugefaange beim Sara, eng Architektin an der Ekipp, mam Joe en Ingenieur, iwwert de Jean-Paul als Allround-Handwierker, de Max als Techniker a schlussendlech de Marc an ech selwer, déi als al Huesen nach gutt eng Hand kënne mat upaken. Mir hunn eis wierklech vervollstännegt, all Iddi ass analyséiert ginn a mir hu festgestallt, datt wierklech jiddwereen eppes ka mat abréngen. Wann een awer dee ganze Projet kuckt, gesäit een, datt an eiser klenger Gemeng esou vill méiglech ass, an et ass e Genoss, am Benevolat mat all deene Leit däerfen zesummenzeschaffen.



**D'Stéck zielt vun enger Zäit, déi Dir alle béid materlieft hutt a kennt. D'Duerfliewe vun deemools an haut, da huet fundamental changéiert. Dir sidd am Duerf opgewuess a wunnt bis haut hei. Wéi hutt Dir dës Changementer erlieft Wat vermësst Dir am meeschten a wat géift Dir gären nach eemol erliewen?**

Wann ee bedenkt, datt Eschduerf sech an deene leschte Jore méi wéi verduebelt huet, ass et kee Wonner, datt d'Duerfliewen, awer virun allem d'Zesummeliewen, sech geännert huet. Et ass schued, datt vill Leit d'Duerf just als Wunneng betruechten a sech net vill beim Duerfliewen abréngen. Wann ee bedenkt, wéi mir als Jugendlecher eis reegelméisseg beim Wiert getraff hunn, zesummen op Baler gaange sinn, bei „Spiller ouni Grenzen" matgemaach hunn, selwer Theater gespillt hunn an nach esou villes, ass et haut schued, datt nach just ee Wiert am Duerf ass an och do sech net getraff gëtt. Mir sinn eben an enger anerer Zäit ukomm an ech kann net soen, datt ech vun der „aler" Zäit eppes géif vermëssen. Sou e Projet wéi „tëschtzwee" wier an där Zäit net denkbar gewiescht, ass et awer haut, a sou gesäit een, datt ee muss einfach no vir kucken an aus allem dat Bescht zéien.













# Am Gespréich mam **Roger ORIGER**

**Wann am Duerf Theater gespillt gouf, stoungs du bal ëmmer mat op der Bün! Schonn däi Papp, Chrëschte Jos, war derbäi, wann d'Musek an der 1960er Theater opgefouert huet. 1965 huet hien de Mëller an „D'Joffer Marie-Madeleine" gespillt. Am Stéck „tëschtzwee" geet et ëm Traditiounen, déi verschwannen, an Erënnerungen, déi verblatzen. U wat erënners du dech, wann iwwer Theater zu Eschduerf riets geet?**

Wann een eng Famill huet, wou Leit sech beim „Theater spillen" engagéieren, wiisst een automatesch do eran. Mäi Papp huet Theater gespillt an ech krut mat, wann doheem den Text geléiert, sech preparéiert a vill doriwwer geschwat gouf. Wann Theater an de 1960er Jore gespillt gouf, war dat jo een absolutten Highlight fir d'Duerf a fir eng Gesellschaft, déi kee Fernsee a Computer hat. Wéi an deene meeschten Dierfer ass zu Eschdöerf Theater gespillt gi vum Jünglings-Veräin, de Pompjeeën, dem Gesank, dem Club des Jeunes … Zu Eschdöerf war et d'Musek, déi am meeschten Theater gespillt huet. Et ass och do, wou ech ëmmer gehollef hunn. Eise Repertoire goung vu Klamauk iwwer Krimi, vun „eescht" bis zu „absolut kee Sënn". Wat bei all Stéck awer dat Selwecht ass: Déi Frëndschaft an der Ekipp, déi entsteet beim Prouwe wärend där intensiver Zäit. Wann ee mech no Erënnerunge vum Theater zu Eschdöerf freet, komme mir automatesch vill Nimm an de Kapp, vu Matspiller a Matspillerinnen a Frënn, mat deenen ech vill Stonnen am Sall verbruecht hunn. Vun deene stieche puer Nimm besonnesch raus: Josée, Jang, Jos!

**Am Stéck spills du d'Roll vum Wëllem, dem Duerfschräiner, deen nieft dem Betrib mat senger Duechter, dem Lisi, eng Wiertschaft féiert. Op der Hochzäit verzielt de Wëllem Geschichte vu fréier, déi kee wëll héieren. Wat verbënns du mat dengem Personnage? Ginn et Parallellen tëscht dem Wëllem sengem Liewen an dem Rosch, a wou leien d'Ënnerscheeder?**

Ech kommen aus engem Haus, wou ëmmer vill Geschichten a vu fréier erzielt gouf. Dat huet mech ëmmer faszinéiert. Dofir sinn ech och frou, dass de Wëllem gäre Geschichte vu fréier erzielt. Bei all Mënsch gëtt et Parallellen an all Mënsch ass awer eenzegaarteg. Dat Schéinst, wat s de als Spiller kanns hunn, ass, wann s de dech total an däi Personnage eraloosse kanns an dat fills, wat dëse fillt. Ech hunn do puer Virdeeler:

De Wëllem huet e Betrib, deen him wichteg ass – ech och / De Wëllem huet e Meedchen, op dat hien houfreg ass an dat hien iwwer alles gären huet – ech och / De Wëllem huet eng heemlech Léift – ech net!

**Du bass am duerf opgewuess, hues de Bauerebetrib vun dengen Elteren iwwerholl, fir en elo un däi Fils, de Christian, virunzeginn. „tëschtzwee" verzielt iwwer grouss Verännerungen an de 1970er bis Ufank 1980er Joren, wéi s du e jonke Mann waars. Wéi hues du dës Changementer erlieft a wéi gees du haut mat Verännerungen (am Betrib / am Duerf) ëm? D'Duerfliewen aus där Zäit. an där d'Stéck spillt. an haut, huet fundamental changéiert. Wat vermëss du am meeschten a wat géifs du gären nach eemol erliewen?**

Et ass schonn onheemlech, wat alles am Duerfliewe geännert huet. Eschdöerf war e Bauerenduerf mat ville Betriber. Bal alles huet sech em d'Landwirtschaft gedréint. An der Sot, dem Heemount oder am Karschnatz sinn um Bann iwwerall Traktere gefuer. Haut fiert een ëmmer eleng do. Beim Braas op der Kräizung huet een ni misse waarden. Haut ass kee Braas méi do, mee et hält een oft laang do, fir d'Autoe laanschtzeloossen. Keen Haus hat eng Schell, awer eng Dier, déi ni gespaart war, an et war ëmmer een doheem. Als Kand si mir am Wanter mam

Schlitt matzen am Duerf am Hënneschteneck gefuer. Et war kee Salz gestreet a kee Verkéier. Bal all Dag sinn ech an eng vun deene 5 Epiceriё geschéckt ginn, déi mir am Duerf haten. Eng Spillschoul hat ech ni gesinn, well et war keng do. Och wa mir Duerfkanner kee Precoce oder keng Spillschoul haten, ware mir awer sozial matenee verknäppt. Et ass een einfach bei d'Nopere spille gaangen. Do war zwar keng Educatrice, mee et huet ee sech misse selwer organiséieren. All Haus am Duerf hat säin Hausnumm. Jo, de Schouster Pir, de Butteks Franz a Schweech Tommes ass et wierklech ginn. Mee dëst wäert leider mat der eelerer Generatioun stierwen.

**Wat bedeit fir dech Heemecht?**

Heemecht  ass fir mech déi Plaz, wou ech doheem sinn, wou ech mech gutt spieren an akzeptéiert ginn, wéi ech sinn. Et ass déi Plaz no där ech verlaangeren, wann ech fort sinn.

**D'Stéck huet eng grouss Besetzung an et komme vill Generatiounen zesummen. Du gehéiers zu deenen Eelsten an hues vill Bünenerfarung. Wéi erliefs du dës Prouwe mateneen a wat wëlls du deene méi jonke Spiller a Spillerinne gäre mat op de Wee ginn?**

„tëschtzwee" ass schonn eng extra Geschicht. Eleng vun der Zuel vun den 30 Personnagen op der Bün a vum Zäitraum vun 20 Joer. E Stéck, dat weist, wéi d'Zäiten an déi eenzel Mënsche sech änneren. Eis Ekipp ass kee Veräin, mee e regional zesummegewierfelte Koup. Prouwe mécht mir jiddefalls Spaass an ech si gären en Deel vun där Ekipp. Ech wënsche jidderengem, deen hëlleft, datt en sech an eiser Theaterfamill wuelfillt a spiert, wéi e vu senge Kolleege gedroe gëtt. An enger Theaterekipp gëtt et kee Näid an et ass keen, dee probéiert, e Virdeel fir sech erauszezéien. Deene Jonke wënschen ech, datt se Freed um Theater behalen an datt se och am Liewen ëmmer esou eng Ekipp hunn.





# Am Gespréich mam **Liss WALISCH**

**Am Stéck „tëschtzwee“ gëtt eng Zäit beschriwwen, déi s du net kanns kennen. D’Famill vun dengem Papp staamt vun hei a schonn deng Grousselteren haten e Bauerebetrib am Duerf. Du bass also an engem ländlechen Ëmfeld opgewuess. Wéiwäit huet dat dech markéiert?**

An engem ländlechen Ëmfeld opgewuess ze sinn, huet mech ganz staark markéiert. Et ass e groussen Deel vu mir, deen ech ëmmer mat mir ronderëm droen an deen och bei all Entscheedung matwierkt. Op engem Bauerebetrib opgewuess ze sinn, huet mech geléiert, datt alles mat Aarbecht verbonnen ass. An dat bleift richteg fir all Wee, deen een dono goe wëll, a fir all Projet, deen een ufänkt. Ech hunn immens vill Saache geléiert, an oft ass et ee Virdeel, esou opgewuess ze sinn, mat enger méi pragmatescher Siicht op d’Welt. Mee vun Zäit zu Zäit steet et och am Wee a mécht Entscheedungen, déi fir aner Leit einfach sinn, onnéideg komplizéiert. Allem an allem sinn ech awer immens dankbar fir d’Aart a Weis, wéi ech opgewuess sinn an erzu gouf. Dat Villt dobausse si souwéi déi Traditiounen, déi meng Schwësteren an ech matkruten, all dat mécht eis zu deenen, déi mir haut sinn.

**Du bass ganz musikalesch a spills och an der Duerfmusek. Domat ass d’Veräinsliewen dir gutt bekannt. Wéi wichteg waren dës éischt Erfarungen am Amateurberäich um Wee fir däi spéidere Studium als professionell Sängerin?**

Déi Erfarungen, déi ech an der Duerfmusek sammele konnt, waren natierlech ganz wichteg fir meng Entwécklung. Duerch si konnt ech éischt Highlighten, awer och déi éischt manner erfollegräich Momenter am Zesummenhang mat Musek erliewen. Awer och d’Freed um zesumme Musek maachen huet sech entwéckelt an dat ass immens wichteg. Dënschdesowes, wa Museksprouf war, war fir mech a menger Kandheet dee schéinste Moment vun der Woch. Ech hu mech all Kéier op e Neits gefreet, fir mat deene „Groussen“ kënne matzespillen, och wann ech am Ufank guer net nokoum. D’Eschdöerfer Musek ass e Veräin, wou de sozialen Aspekt wärend a no der Prouf am Vierdergrond steet. Ech hunn Owenter domat verbruecht, iwwert Witzer ze laachen, déi ech réischt Joren dono verstan hunn. Ech hunn och Momenter erlieft a Leit kenne geléiert, déi ech mäi Liewe laang net vergiesse wäert, an Anekdote gesammelt.

**Um Ufank vun „tëschtzwee“ gëtt um Vollekssteck „D’Joffer Marie-Madeleine“ geprouft. Deng Figur spillt d’Titelroll, an d’Personnage vum Léini erlieft en änlecht Schicksal wéi d’Joffer Marie-Madeleine. Am Mëttelpunkt steet de Konflikt tëscht doheembleiwen a fortgoen, lassloossen a sech weiderentwéckele respektiv zeréckkommen. Beschäftegt dëst Thema dech och bei denge berufflleche Choixen?**

D’Thematik vum bleiwen oder goen ass eppes, wat mech scho vill beschäftegt huet an och nach beschäftegt. Ab engem gewësse Punkt muss ee fort, fir sech selwer kënne weiderzëentwéckelen an de nächste Schratt ze woen.

**Wat bedeit fir dech Heemecht?**

Heemecht bedeit fir mech, Mënsche ronderëm mech ze hunn, op déi ech mech zu 100 % verloosse kann, wou mer eis géigesäiteg stäipen a fireneen do sinn, wann et wierklech drop ukënnt. Eng Plaz, wou ee voll a ganz transparent ka sinn, dat heescht, et geet net drëms, iergendee beandrocken ze mussen, an et brauch ee sech net nëmme vu senger beschter Säit ze weisen. Heemecht fannen ech an éischter Linn bei menger Famill, bei deene Leit, déi mech esou gutt kenne wéi keen aneren.

**D'Stéck huet eng grouss Besetzung an et komme vill Generatiounen zesummen. Du gehéiers zu deene Jéngsten a kriss bei dëser Produktioun Bünenerfarung. Wéi erliefs du d'Prouwen a wat hëls du dovunner mat als professionell Sängerin?**

Ech huele virun allem mol nei Erfarungen an Erkenntnisser mat. Et ass déi éischte Kéier, datt ech traditionellen Theater spillen, an dowéinst hat ech och keng Anung, wat mech erwaart. Mee mir sinn eng flott Ekipp an ech hu vill Spaass.






*D'Joffer Marie-Madeleine 1965 zu Eschduerf*




NISSAN CAR AVENUE

**NISSAN CAR Avenue LUXEMBOURG**

Alzingen - Foetz - Diekirch
Tel : +352 44 45 45 - e-mail : contact.nissan.lu@caravenue.com
www.nissan.lu

Annonceur : Nissan Belux s.a. (Importateur), Bist 12, 2630 Aartselaar - TVA BE0838.306.068 - IBAN BE81 2930 0778 6024 - RPM Anvers - beluxfr@nissan-services.eu. Photos non contractuelles.

X-TRAIL e-POWER $CO_2$ 132 - 150 G/KM 5,8 - 6,6 L/100KM (WLTP)
Contactez votre concessionnaire Nissan pour toute information relative à la fiscalité de votre véhicule.

Donnons priorité à la sécurité.

KULTURPASS

SPUERKEESS

Camping FUUSSEKAUL

RINNEN CONSTRUCTIONS GENERALES
www.rinnen.lu


HELLO LJUBLJANA!
DISCOVER SLOVENIA'S VIBRANT CAPITAL
NEW
LUXEMBOURG
LJUBLJANA
2 DIRECT FLIGHTS PER WEEK
FROM SEPTEMBER 14TH*
Book now on luxair.lu or in your Luxair Travel store
*Details and conditions available on luxair.lu, in your travel agency or in your Luxair Travel Store.

Luxair



**Informatiounen :**
www.esch-sur-sure.lu
www.eschtkultur.lu

© lardographic.lu